# Mediensplitter

*Zanter der Rentrée mécht de Romain Kohn all 14 Deeg eng Chronik um soziokulturelle Radio* honnert,7, *déi sonndes moies kuerz no 9 Auer am Kader vum* Panorama *iwwert d'Antenne geet. Dës Rubrik beschäftegt sech mat allem, wat mat Mediën ze din huet: Reaktioune op Artikelen aus der Press an Emissioune vu Radio an Televisioun; Analysë vu mediëpoliteschen Tendenzen; Kommentären zu der deeglecher journalistescher Praxis an Deontologie; etc.* forum *wäert dës Chronike vun elo un regelméisseg dokumentéieren. Den Ufank maache verständlerweise zwee Texter, déi sech mat den terroristeschen Attacken an den USA ausernanersetzen.*

## An der Crise gët gelies

Näischt wäert méi si wéi virdrun, heescht et zanter dem 11. September bei de Kommentateuren an der Presse an op de Stammineën. Fir d'politesch Situatioun an der Welt ass dat gewëss; et ass awer genee esou wouer fir d'Medië selwer.

De grousse Gewënner no der Attack op de World Trade Center an de Pentagon sin d'Zeitungen, egal op ee vun der d'Dagespress oder de Wochemagaziner schwätzt. D'*New York Times*, déi de 17. September am Fong hiren 150. Gebuertsdag hätt solle feieren, huet dës Woch fir d'zweet hier Editioun vum 12. September nogedréckt. An alle Länner läit d'Oplo vun de *Broadsheet*, also den iwwerregionale Qualitéitsblieder, wäit iwwert der Moyenne. D'Zeitunge si sech allerdéngs och dem histoireschen Ament bewosst a briechen iwwerall mat hire Gewunnechten: D'*Frankfurter Allgemeine* as déi éischte Kéier zanter dem Fall vun der Berliner Mauer mat enger Photo op der Titelsäit erauskomm, d'*New York Times* hat zanter der Demissioun vum President Richard Nixon keng sou eng grouss Schlagzeil méi, an d'*Libération* huet déi viischt an déi hënnescht Säit benotzt fir eng Titelphoto, déi un d'Explosioun vun der Atombomm zu Hiroschima erënnert. D'Internet-Sitë vun de politesche Blieder waren iwwerall saturéiert, sou datt si a ville Fäll hu missen op e Minimalprogramm zeréckgeschrauft gin. D'Ironie dobäi ass, datt eng Partie vun dësen Zeitungen hier Internet-Präsenz aus Käschtegrënn an deene leschte Wochen a Méint staark reduzéiert hun.

Fir d'Televisiounen as de Bilan éischter mitigéiert. Op däer enger Säit hun hier Aktualitéitsemissiounen esouvill Leit wéi scho laang nët méi virun de klengen Ecran gelackelt; op däer anerer Säit sin op d'mannst déi privat Chaîne frou, wann d'Situatioun sech neess berouegt. Well si aus muencherlee Grënn op d'Publicitéit verzicht hunn, sinn hinne muencherlee Recetten entgaang. Eleng an Däitschland sollen et Honnerte vu Millioune Frang sin. An d'Produzente vun all deene sëlleche Comedy-Emissiounen a Late-Nite-Shows wäere frou, wa si neess kënnten urappen. Bemierkeswert och nach: Géint déi allgemeng Tendenz huet de Chef vum öffentlech-rechtleche WDR vu Köln, de Journalist Fritz Pleitgen, duerfir plädéiert, fir an Zukunft e politësche Magazin wéi *Monitor* ze weisen amplaz déi éischt Halschent vun engem x-belibege Futtballmatch.

Wéi steet et mat dem Radio? Hien huet an dësem Kontext keng speziell Roll gespillt. Dat läit einfach dorunner, datt hien déi Kéier séng Stäerkt, d'Rapiditéit, vis-à-vis vun der Echtzäit op der Televisioun nët konnt ausspillen. Duerfir gët an den Direktioune vill driwwer diskutéiert, op et Lidder gëtt, déi een am aktuelle politesche Kontext nët méi soll spillen. Clear Channel Radio, déi gréisste Kette vu Statiounen an den USA, huet deemno eng Lëscht matt ronn 150 Lidder, déi net sollen opgeluecht ginn, zesummegestallt. Dorënner *Stairway to Heaven* an Another *One Bites the Dust*, awer och *Imagine*. Bei der BBC war et de Popsong *It's Raining Men*.

A soss? An Zukunft steet an de Kontrakte vun de Journalisten, déi fir den Axel Springer-Verlag schaffen, si misste sech vir d'Solidaritéit mat den USA asetzen. Et as awer nët gesot, op si och matt an de Krich mussen zéien.

*(22. September 2001)*

## Keng Zensur an de Mediën

Den amerikanesche President George W. Bush war zimlech rosen. Geheimdéngschtlech Informatiounen am Kontext vun den terroristeschen Attacken vum 11. September, déi hien dem Congress virugereecht hat, waren an de Mediën opgedaucht. DorOpshin huet hien decidéiert, dës "Geheimnisser" an Zukunft nach jhust mat ganz wéinege Spëtzeleit vum Kapitol ze deelen. D'Journalisten, an also d'Öffentlechkeet, brauchen nët alles gewuer ze gin, dat as d'Approche am Wäissen Haus. Nëmme jhust: Huet d'national Secherheet an der momentaner "Krichs"-Situatioun tatsächlech Prioritéit virun de Bierger hirem Recht op Informatioun?

Den US-Journalismus hält grouss Stékker op séng investigativ Qualitéiten. Dee bekanntesten Dossier däerft de Watergate-Skandal sin, duerch deen de Richard Nixon als President huet missen zeréckttrieden. Wat dëser Deeg aus Amerika gemellt gët, as duerfir bal nët ze gleewen. Op Wonsch vum Wäissen Haus hu sech déi 5 grouss Televisiounschaînë bereet erklaert, fir an Zukunft keng Videosdiscoursë vum beschëllegten Terrorist Usama Bin Ladin méi tel quel ze weisen. Si gesin doranner e "patrioteschen Akt"; et kann een doranner och eng fräiwëlleg Zensur gesin.

An Afghanistan as et och nët déi éischte Kéier, datt d'Medië sollen dru gehënnert gin, fir hier Informatiounen direkt un der Front ze sammelen. Am Golf-Krich a bei anere Geleënheete virdrun an duerno war dat nët anescht. D'Argument vun de Politiker an de Militärleit as ëmmer dat selwecht: D'Journaliste kéinten – ongewollt – Saache verroden, déi d'Sécherheet vun